PROJET
PLAN D'ÉTUDES
2025



# KONSULTATIOUNSPHAS

## Bildungsberäich

### COLAB-WORKSHOP 1
### 'Eng gemeinsam Visioun fir den Enseignement fondamental'

1. an 3. Februar 2022 - Forum Geesseknäppchen an online via Teams

# ANNEXE

SCRIPT

Curriculum
Division SCRIPT

# Impressum

© Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
Luxembourg

Auteur: SCRIPT - Division du développement du curriculum

Contact: **curriculum@script.lu**
**www.curriculum.lu** / **www.script.lu**

ISBN 978-99959-1-466-0

Editioun Juli 2022

# Inhaltsverzeechnes


| | | |
|---|---|---|
| 1. | Virwuert | 2 |
| 2. | Atelier A – D'Idealschoul aus der Perspektiv vum Schoulpersonal | 3 |
| 3. | Atelier B – D'Idealschoul aus der Perspektiv vum Kand | 4 |
| 4. | Atelier C – D'Idealschoul aus der Perspektiv vun der Gesellschaft | 7 |
| 5. | Atelier D – D'Idealschoul aus der Perspektiv vun der Legislatioun | 12 |
| 6. | Fotogalerie | 16 |
| 7. | Ausbléck | 33 |

# 1. Virwuert

An dëser Annexe ginn déi gesammelt Stéchwierder a Fotoen aus all den Atelieren vum éischte CoLab-Workshop fir de Bildungsberäich, “Eng gemeinsam Visioun fir den Enseignement fondamental”, opgelëscht. De But vun dëser Annexe ass et, den Inhalt aus den Atelieren méiglechst neutral rëm ze ginn, fir eng Trace vum urspréngleche Input ze halen. Am Haaptdokument vum Rapport, deen Dir op **www.curriculum.lu** kënnt agesinn, huet d’Curriculumsentwécklungsdivisioun vum SCRIPT nämlech eng Regroupéierung an e Choix fir eng bestëmmten Andeelung getraff. Wann Dir um Inhalt vun den Diskussiounen interesséiert sidd, recommandéiere mir Iech, de Rapport ze consultéieren an dës Annexe als Complément ze gesinn. Well et sech bei dëser Annexe ëm eng onverschaffte Versioun handelt, goufen d’Orthografie an d’Interpunktioun net weider kontrolléiert.

Mat beschte Gréiss
D’Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT

Curriculum
Division SCRIPT

## 2. Atelier A – D'Idealschoul aus der Perspektiv vum Schoulpersonal

- Manner Bürokratie an Administratives
- Déi administrativ Elementer mussen benotzerfrëndlech an ugepasst sinn
- Méi konkret Hëllef am Klassesall
- Eng "Ambulanz" an der Schoul (Team wat bei ënnerschiddleche Problemer kann aktiv ginn)
- Méi Ënnerstëtzung fir d'Personal direkt am Gebai
- Inclusioun begleeden duerch permanent Ënnerstëtzung
- Méi Zesummenaarbecht / Kommunikatioun tëschent der Schoul, der Maison Relais an den Elteren
- Den Elteren déi Ënnerstëtzung bidden déi si brauchen fir d'Schoul ze verstoen an esou hir Kanner besser kenne begleeden (Iwwersetzer beim Bilan, Orientatiounshëllef, etc.)
- Eng gemeinsam Visioun fir de Fondamental an de Secondaire
- Ressourcen gerecht verdeelen an optimal notzen
- Anciennetéit iwwerdenken
- Kontingent iwwerdenken
- Rouplazen am Gebai
- E séchert Ëmfeld
- Nationale Vademecum deen op d'Direktiounen ugepasst gëtt mat den Uspriechpartner, den Demarchen, Erklärung, Mediatioun, etc. (HOWTO) → d'Informatioun muss transparent a séier zougänglech sinn
- Kommunikatioun zu de Projeten an Initiativen déi lafen méi intensiv an kloer fir datt all Enseignant dat matkritt
- Nei Projeten an de Schoulen aféieren, mat Formatioun begleeden an no enger Zäit evaluéieren
- Klassen no Cyclen
- Am Team schaffen
- En Team vu Leit mat ënnerschiddleche Kompetenzen (Sproochen, Sciences, Arts, etc.)
- Een Educateur pro 2-3 Klassen
- Emotional Educatioun
- Spezialisatiounen: Trauma, Konflikt, Gewalt, Mobbing etc.
- Wuelbefannen vum Schoulpersonal an de Kanner
- Eng ugepassten Grondausbildung mat enger Dominant an engem Fächerberäich
- Formatiounen fir am Team Schoul ze halen (méi hallef Tâchen déi sech Klassen deelen)
- Formatiounen mussen disponibel sinn, Angebot eropsetzen wann d'Demande do ass
- Verschidde Formatiounen mussen obligatoresch sinn
- E roude Fuedem
- Projetsorientéiert schaffen
- Demokratie am Klassesall, selbstbestimmtes Lernen
- Déi traditionell Fächer (FR, D, Mathé) bäibehalen, mee den "Niewefächer" duerch Projeten méi Poids an der Evaluatioun ginn → e Fach "Savoir Vivre" mat Geschicht, Geo, Sciences, Konscht, Musek, Theater, etc.

- Qualitatiivt an zäitgeméisst Matériel didactique dat op de Plan d'études passt
- Méi och praktesch schaffen an net nëmme mat Fichen
- Manner Drock wéinst dem Programm
- Medienerzéiung
- Géigegewiicht zu der Digitalisatioun
- Kreativitéit fërderen an de Virwëtz stëppelen
- Méi Beweegung och ausserhalb vum Sport ; bewegte Schule
- Zäit fir ze léieren ze léieren
- Eraus aus dem Klassesall: méi aktiv léieren, Natur etc.
- Kierper, Kapp an Emotioun verbannen → Achtsamkeet
- Sozialkompetenzen kloer benennen
- Nohalteg Léieren a Liewen an der Schoul
- Eng gesond Orientatioun
- Eng zilorientéiert Entwécklung fir de Schüler vum Schüler
- Sozialkompetenze fërderen, Disziplin a Respekt
- Stäerkte viru Schwächten
- De Schüler par rapport zu sech selwer bewäerten
- D'Orientatioun vum Schüler fréi denken fir en optimal ze begleeden
- Et muss net alles fir de Bilan evaluéiert ginn, méi formativ Evaluatioun déi de Schüler wierklech weider bréngt
- Konkret a kloer formuléiert Ziler fir d'Niveauen
- E Bilan, dee mat dem Plan d'études iwwertenee stëmmt, an de Scolaria muss dorun ugepasst ginn
- D'Evolutioun vum Schüler iwwer méi Joren mat abezéien
- De Bilan muss transparent sinn a kee Spillraum fir Interpretatioun loossen
- De Bilan soll d'Evolutioun vum Schüler iwwer de ganze Fondamental weisen

## 3. Atelier B – D'Idealschoul aus der Perspektiv vum Kand

### Generell Wënsch, wat d'Kand (net) a säi Rucksak kréien soll

- En Wäert zum Wuelfillen: Frëndschaften/Kooperatioun
- Villfältegkeet, Méiglechkeeten gesinn, déi ech nach net bei mir kannt hat/Virwëtz oprecht halen/ Courage Saachen auszeprobéieren
- Méi op Stäerkten an Intressien kucken/komm, mir schwätzen mol haut iwwer eng Saach, déi mech interesséiert
- Ressourcenorientéiert Approche
- Eng aner Evaluatioun op d'Besoinen vum Kand bezunn, wat bréngt et 100 Vokabelen ze léieren? Sou évaluéiert ginn, datt et mech weiderbréngt an ënnerstëtzt
- Aktiv Léieren no eegene Besoine a Kompetenzen, net no Léierplang, sech Wëssen uneegnen
- Lernen mit Freude ohne Ängste
- Interaktion: Jeux de rôle, Theaterpädagogik, Spill, Spaass um Léieren/Ausflich am Zesummenhang

mat der Matière/Schoulgaart, Schouldéieren, ewech vun dem normalen Klasseverband, spillen = léieren

- Léieren en Lien mam Alldag: handwierken/koschteren/manuell Aarbechten/kachen/uplanzen, bauen, alles méi praktesch
- Bëschschoul/back to basics – Natur/léieren mat Beweegung vs. roueg sëtzen
- Interessant a relevant Themen
- Oppenen Kader: Net an Unitéiten/Kompartimenter léieren mee alles ass e Ganzt/ Fächeriwwwergreifend schaffen (Rôle vun engem Stonneplang?!)/do schaffen, léieren etc. wou a wéini ech wëll/ net alles d'selwecht maache musse, wéi all déi aner
- Aneren Opbau vum Schoulgebai
- Genuch Personal, wat mech betreit
- Ee Fach, wat mech op d'Liewen virbereet (Stageplazen)

### Wat ass absolut noutwenneg/essentiell?

- Kand sinn/manner Reizer
- Frou sinn, gebuergen fillen, Fräiraum hunn
- Gesondheet, Sécherheet
- Liewenswäert Ëmfeld
- Fächer selwer matentscheeden/ Ech wëll gefrot ginn! Le choix est organisé, fort vum Enseignant, dee seet, wéi ech eppes ze maachen hunn, Enseignant setzt de Kader fir Matbestëmmung
- Meng Entwécklung respektéieren, net jiddereen léiert d'selwecht zum selwechten Moment/net verglach ginn → „Ech sinn", selbstwirksam sinn, „ech" decidéieren mäi Léieren
- Autonomie vun C1 un/vun Ufank un meng Zukunft gestalte kënnen a meng Gesellschaft
- Kulturell Villfältegkeet
- Léieren fir sech ze verwierklechen vs. Lernen um für jmd. zu arbeiten
- Rou/oniwwerwaacht Zäit/Zäit a Platz fir mech
- EQ Emotionale Intelligenz fërdern/mental Hygiène/physesch an psychesch Gesondheet/Opbau vun perséinlechem Wäert an gesondem Selbstwäertgefill
- Chancëgläichheet/Inclusioun als Realitéit, net als Schmuchfahne fir den Image, Inclusioun ouni Grenzen: Toleranz vu menger familiärer Situatioun/Villfältegkeet unerkennen a benotzen/als Individuum unerkannt ginn (Gefiller, Besoine, Kompetenzen), Entscheedungen kënne huelen, Responsabilitéit huelen kënne, inklusiv Erfarungen
- Staark sinn an/oder opgebaut sinn, no MENGEM Rhythmus evoluéieren
- Verhaltenskompetenz/Respekt virun sech selwer, deenen aneren an virun allem/ Peer-Mediatioun /Wäertschätzung/ Stressmanagement/ Selbstwirksamkeit/Toleranz/ Akzeptanz
- Sozialkompetenzen/ Erléiere vun sozio-emotionalen Kompetenzen als Fach
- Kreativitéit am Sënn vun Problemléisung
- Kommunikatiounskompetenzen (viru allem mëndlech)
- Digital schaffen/richtiger Umgang mit dem Internet kennen und lernen
- Sproochen (liesen a schreiwen) spilleresch léieren, mehrsprachiges Personal
- Lesen, schreiben und rechnen können
- Gutt forméiert Personal

### Stolpersteng/Schwieregkeeten

- Mehr in Bildung investieren (statt in Bauprojekte) um Personal auszubilden
- Rechnen Grundkompetenz
- Familiär Situatioun
- Vitesse vun eiser Welt
- Schoulzäiten
- Notwendige Vorläuferfertigkeiten
- Schulsystem von 1900 trotz neuem Lehrplan
- Wat droen d’Kanner mat ewech nom Cours? Léieren fir ët ze vergiessen?
- Unterschiedlicher Stellenwert von Bildung in den einzelnen Kulturen erschwert Bildungsweg
- Uniformität
- Frontalunterricht, still sitzen, ruhig sein
- Sproochen jo mee vill méi alldagsbezunn wie z.B. neie franséische Programm
- Homogéinitéit vs. Heterogenitéit
- Virtuell Welten vs. Reale Welten
- Feelend Resilienzfäegkeet
- Iwwernorméierung
- Ech wënsche mer e Schoulmeeschter/eng Joffer, den/déi mech versteet an deen mer hëllefe kann, wann ech Schwieregkeeten hunn
- Erklär mir et esou, dass ech et verstinn
- Wat kann ech maachen, wann ech mech net wuel fillen? (Emotiounen, aner Schwieregkeeten)
- Leeschtungsdrock

### Schlësselbegrëffer (Wäerter, Wëssen, Skills, Haltungen, Kompetenzen) fir dem Kand matzeginn

- Kritisches Denken und Reflexion
- Kierperlech a séilesch Gesondheet
- Inclusion & Akzeptanz
- Wäertschätzung
- Respekt an Toleranz an der Interaktioun, Emotiounen reguléieren, Stressmanagement
- Selbstbestimmtes Lernen
- Konscht & Kultur & Kulturtechniken, Natur: Immersioun, Erfarung
- Mëndlech Kommunikatiounsskills
- Kollaboratioun
- Digital & analog Handeln
- Selbstverwierklechung

# 4. Atelier C – D'Idealschoul aus der Perspektiv vun der Gesellschaft

- Duerch d'Pandemie huet d'Welt sech verännert. Déi ganz Gesellschaft an och spezifesch d'Schoulpersonal an d'Schüler kruten dat ze spieren
- Sech séier upasse kënnen
- Onsécherheet ass ëmmer do (Energie, Klimawandel)
- Momentan Krise wéinst der Pandemie
- Wéi komme mir aus der Krise eraus? → Kanner an Enseignanten dorop virbereeden
- Vill Enseignanten hunn d'Flemm oder Burnout (um Schoulniveau an um politesche Niveau ass Ënnerstëtzung gebraucht)
- Depressiounen scho bei klenge Kanner ze gesinn
- Duerch den Homeschooling ass nach méi däitlech ginn: Kanner brauche Kanner
- Duerch den Homeschooling: et huet een misste léieren mat den technologeschen Instrumenter ëmgoen

### Wat verlaangt d'Gesellschaft allgemeng?

- E puer Sprooche beherrschen (→ Sit. Lëtzebuerg)
- Fachkompetenz (verschidde Beräicher)
- Sech an der Welt vun den TIC auskennen
- Participatioun
- Demokratiséierungsprozesser garantéieren an ënnerhalen
- Zesummenhalt an de Beräicher Kultur, Identitéit an Toleranz
- Kritescht Denken
- Fortschrëtt (wirtschaftlech, awer och intellektuell a kulturell) erméiglechen, Eegeninitiativ, léisungsorientéiert schaffen an denken
- Transformatioun
- Lieweslaangt Léieren (Digitaliséierung)
- Employability
- Reflektéieren iwwert säin Handelen, seng Zukunftsperspektiven, säin Liewen an der Gesellschaft
- Interaktiv, teamfäeg sinn, Team work, Konflikter kënnen aushalen
- Kosmopolitesch Attitüde, Lëtzbuerger Identitéit
- Gesellschaftsstrukturen stabiliséieren
- Kapitalismus weiderféieren
- Rentabel, multitask, spezialiséieren
- Eng Plaz an der Aarbechtswelt fannen
- Sech an der Aarbechtswelt zerechtfannen
- D'Gesellschaft vun der wirtschaftlecher Perspektiv ënnerstëtzen
- Handwierker gebraucht, awer "op kee Fall mäi Kand"
- Jiddereen muss en Héichschoulofschloss hunn
- Nohaltegkeet

## Wat passt net an d'Schoul a wat ass ausserhalb vun der Schoul?

- Origine vun Problemer oft net an der Schoul mä an der Dynamik vun der Gesellschaft
- Problem an der Gesellschaft: d'Kanner hu keng Hobbyen méi
- Politik: Et gëtt den Gewerkschaften net genuch nogelauschtert
- Rôle vun der Schoul definéieren – Ongläichheet institutionaliséieren?!
- Rôle vun den Enseignanten an aner Acteuren als Kontaktpersoun: A wéifern muss/soll d'Schoul Defiziter an der Erzéiung opfänken fir d'Gesellschaft vu muer ze verbesseren?
- Drock vun der Schoul an der Maison Relais ewech op d'Gesellschaft
- Et gehéiert eigentlech alles an d'Schoul, ma just mat Moossen... ma de men.lu hëlt den Elteren awer ëmmer méi quasi alles of... dat ass 1 total falscht Signal leider...
- Wann mir lo aktuell schonn 1 verstoppten Ganzdagschoul hunn (verschidden Kanner sinn 60h an der Schoul/Maison Relais, Erwuessener 40h pro Woch)
- D'Elteren rëm méi responsabiliséieren
- Personal ouni Ausbildung oder ouni richteg Ausbildung passt net an d'Schoul... a scho guer net mat 1 eenzegen Dag Stage

## Wat soll aus de Schüler ginn?

- Individuell Fërderung vu Potenzialer, Flexibilitéit, Spezialiséierung
- Equity / Excellency / Well-being
- Beschtméiglechst op d'Zukunft virbereeden, Muss net jiddereen Dokter oder Enseignant ginn, mä soll awer d'Méiglechkeet hunn wann e wëll, Bildungschancen, Individuell Léierweeër / differenzéiert Parcoursen, d'Schoul dierf keng Dieren zoumaachen → Handwierker gi gebraucht mä mäi Kand net, Kanner mat enger Beeinträchtegung ofhängeg vum Enseignant

## Wéi sech un d'Besoinen vum jeeweilege Kand upassen?

- Schoulsport – net gläich Leeschtungssport
- Drock raushuelen virun allem am Sproochenunterrecht, Science an Erliewnespädagogik méi fuerderen
- Méisproochegkeet (Bewäertung an Standardsniveauen fir datt et herno um Diplom kloer ass, wat de Schüler kann)
- Sech och beim Léieren vun de Sproochen un d'Kanner upassen
- Sech un den Alter vum Kand upassen (thematesch, inhaltlech)
- Passend alternativ Modeller applizéieren fir d'Kanner z.B. wann se mat der Anlauttabelle net eens ginn
- Heiansdo ginn et Aufgabeformater, déi net bei d'Kand passen
- Projetsorientéiert no de Besoinen vun de Kanner schaffen
- Leit déi hei wunnen, déi net hei gebuer sinn schoulesch integréieren
- Psychesch Besoinen
- Angscht an Drock ewechhuelen
- Sozialiséierung, Kanner brauche Kanner
- Suchtproblematik

- Sech wuel fillen an esou wéi och ausserhalb der Schoul (Wellbeing)
- Wichtegkeet vum Spill fir d'Entwécklung!
- Dee mëndleche Volet fërderen sou wéi méi op d'Gefiller agoen (wéi fills du dech?, ech hu gesinn/ gefillt..., wisou hues du dat gemaach/ gesot?)
- Freed um Léieren & Erliewen, Kreativitéit, Beweegung
- Méi Kreativitéit an Fantasie fuerderen vu klengem un
- Beispill "Singpaus" → vill Kanner hu keng Méiglechkeet en Instrument ze kafen

## Wéi eng Kompetenzen sollen an der Schoul gefërdert ginn?

- Fachkompetenz
- Mehrsprachigkeit (Sproochen an verschidde Niveauen ubidden)
- Mediekompetenz
- Mathematik
- Liesen a Schreiwe kënnen
- Transversal Kompetenzen
- Besoin un Mediepädagogik an Mediedidaktik
- Transversal Kompetenzen mussen bei all Fach gefuerdert ginn
- Erzéiung, Respekt (doheem Prënz a Prinzessin), Erzéiung (merci, wgl, PARDON, T'DEET MER LEED, NOLAUSCHTEREN), Manéieren
- Wäertschätzung, Respekt vun Matmëschen an Ëmwelt
- Kommunikatioun
- Empathie
- Emotiounen geréieren kënnen
- Wäerter benennen, déi an der Schoul solle vermëttelt ginn
- Toleranz, Aneschtsinn akzeptéieren, Empathie, Kommunikatioun, Kooperatioun, Taktgefill
- Upassungsfäeg sinn, mat Ënnerscheeder eens ginn, "Wäerter" respektéieren
- Verantwortung iwwerhuele kënnen
- Gewëssenhaftegkeet
- Reflexiv
- Positives Selbstwertgefühl
- Selbstbewosstheet
- Offenheet
- Liewensfreed
- Sech un eng Struktur halen
- Flexibel
- Selbsteinschätzung
- Problemer erkennen a léise kënnen
- Kritescht Denken
- Logesch denken
- Kreativ sinn
- Kooperatioun
- Teamfäegkeet

- Sozialkompetenzen
- Fräiheet
- Emweltbildung-Matverantwortung
- Kreativitéit
- Studéierfäegkeet
- Motivatioun hunn fir Saachen, déi musse gemaach ginn
- Toleranzgrenz, Selbstwäert, säin vis-à-vis kenneléieren
- De Goût um Effort
- Léieren mat Drock eens ze ginn: et gëtt villes méi einfach gemaach, obwuel d'Gesellschaft méi kompliziéiert gëtt
- Mat Frustratiounen eens ginn (z.B. Naturparcours, Datzen am Bilan), Goût / Spaass um Effort un engem Challenge, egal ob intellektuell an och physesch (gëllt och fir Léierpersonal an Elteren)
- Zum Liewen gehéieren och Frustratioun, den Echec, Angscht - mee wéi een domadder ëmgeet, dat ass d'Fro
- Freed um Entdecken an Léieren a keen Angscht virum Neien, Onbekannten
- D'Fäegkeet sech selwer orientéieren ze kënnen
- Entwécklung vu Kompetenzen sech liewenslaang ze orientéieren (sech selwer kennen, (léieren) sech informéieren a kritesch sinn
- Kanner solle fréi kënne Beruffer (spilleresch) entdecken,
- En Dossier soll d'Kand bis an de Cycle 4.2 begleeden, wou ausserschoulesch Erfarungen, Reflexiounen, seng Interessen an Talenter opgefouert si fir de Choix an de Lycée manner subjektive Critèren ze iwwerloossen. De Choix soll net Classique, General oder Voie de préparation si, mee e Choix vun enger Formatioun, déi dem Kand entsprécht

### Problemer fir d'Ëmsetzung um Terrain/wat muss geännert ginn/wouvunner musse mir fortkommen?

**Evaluatioun**

- Minus: Defizit-Orientéierung
- Net gutt: Allongement soll och no engem Schouljoer méiglech sinn an net just nom Cycle; wann d'Kand z. B. an der CI Hëllef kréien kann, dierften d'Elteren dat net refuséieren kënne
- Evaluatioun vum Kand par Rapport zu sech selwer
- Wéi huet d'Kand sech verbessert?
- D'Entwécklung vum Kand kucken
- Formativ Evaluatiounsméiglechkeeten
- Fort vum zertifiéieren kommen
- Manner evaluéieren, méi léieren
- De Bilan ass zevill subjektiv
- D'Kontinuitéit feelt am Bilan

**Strukturell**

- Modell 50 min a Fächer denken muss fort
- Raimlecht Denken: Dobausse Léieren (och Mathe, Franséisch, Däitsch)
- Besoin u Leit, déi dat encadréieren/Ëmsetzung

- Méi Congé parental wann d'Kanner kleng sinn
- Kader schafen, fir dass d'Schüler kënnen méi participéieren (z.B duerch en Aktiounsdag), bei den Scouten ofkucken, matgestalten am Klasserot
- Infrastrukturen / Schoulhäff mat riesen Spillplazen/ Piscinnen mussen adaptéiert sinn/ginn, wann mir lo aktuell schonn 1 verstoppten Ganzdagsschoul hunn (verschidden Kanner sinn 60h an der Schoul/Maison Relais, Erwuessener schaffen 40h pro Woch), D'Elteren rëm méi responsabiliséieren
- Eng Linn duerch d'Scolaritéit
- Dialog mam Secondaire
- Écoles Européennes: fléissenden Iwwergang vum Primär an de Secondaire

**Orientatioun an de Secondaire**

- Sélection 'biographique' sur base de compétence(s) langagière(s) net gutt
- Bildungsfriem + finanziell schwaach = no chance! (oder good luck!)
- Net an eng ideal Schoul:
- 1. eng Orientatioun déi sech just op Mathe a Sprooche baséiert, ouni dem Kand seng zousätzlech Fäegkeeten an Interessen ze berücksiichtegen
- 2. Drock ze maache fir z.B. an de Classique, weder beim Kand nach bei den Elteren, méi ze kucke,wat bei d'Kand am beschten passt
- Firwat keng Schoul nom skandinavesche Modell, wou d'Kanner vun 3-16 Joer zesumme léieren...?

## Wat gëtt gebraucht fir dass de neien Plan d'études um Terrain ëmgesat gëtt?

- Verflichtend Fortbildungen
- Eng Personne Ressource (genre IDS etc.)
- Leitfaden (op Pabeier)
- Schoulintern Diskussioun + Planung (PDS?)
- Didaktescht Material fir den Plan d'Etudes kennen ëmzesetzen
- Formatioun fir déi schoulesch Iwwergäng besser verstoen an decisiounsfäeg ze sinn am Cycle 4
- Kontinuéierlech Struktur fir dass all Kand senge Fäegkeeten no, verschidden Zukunftsperspektiven huet
- E theoreteschen Kader deen een tatsächlech ëmsetze kann
- Theorie <-> Outil trennen
- Verständlech
- Didaktesch/methodeschen Nudging
- Best Practice vermëttelen
- Anschaulech (och fir Elteren)
- Materialie parallel opbauen
- Lien mat ausserschoulescher Realitéit duerstellen
- Gutt forméiert Léierpersonal
- Un de reelle Schoulalldag ugepasst
- Éischter themenorientéiert
- Méi iwwersiichtlech = manner kompakt
- D'Schoulgemeinschaft soll sech zesummen de neie Plan d'études ukucken a gemeinsam Prioritéite setzen
- Kloer Struktur, kloer Sprooch

- Breet Diskussioun
- Et muss een erklären, wat wéi gemengt a wéi geduecht ass; begrënnen, firwat dat eent am Plan d'études steet an dat anert net
- D'Wichtegkeet vum Plan d'études muss all Acteur kloer (gemaach) ginn
- Personnes Ressources, Multiplicatoren
- Systemebene: Plan d'études mit Richtlinie, Werten, ...
- Mesoebene: Fortbildungen
- An de Schoulen: a) Schulentwicklungspläne zum Aufsetzen einer partizipativen Vision innerhalb der Gemeinschaft => Coaching der SchulleiterInnen erforderlich b) organisatorischen Rahmen schaffen, der förderlich zur Umsetzung ist
- Mikroebene: Akzeptanz der Lehrerinnen fördern: Autonomie geben, Strukturen zur Unterstützung im Alltag (didaktisch, pädagogisch, gemeinschaftlich)

## 5. Atelier D – D'Idealschoul aus der Perspektiv vun der Legislatioun

- De Plan d'études zwar upassen, mee net komplett änneren
- D'Entwécklung vum Plan d'études 2009 ass schonn enorm, et fënnt ee vill Guddes doranner. Awer mir mussen de Plan d'études un déi aktuell Erausfuerderungen upassen
- De Plan d'études muss méi op ginn a méi präzis ginn → wat ee méi oppe well schaffen, wat ee méi Kader misst virginn
- Modularen System
- Méi Transversalitéit
- Net méi eleng just d'Fächer kucken, mee méi oppe an transversal a fächeriwwergräifend sinn
- D'Transversalitéit ass nach net genuch an der Realitéit ukomm
- Entschlackung vum Inhalt / Programm / den Ufuerderungen
- Weniger ist mehr, manner Perfektionismus, et muss fir d'éischt eng gutt Basis ausgebilt ginn. Et ass méi wichteg, dass d'Kanner "eppes" kënnen, ewéi dass se herno mat all deem, wat op si dropgeworf gëtt, "näischt" kënnen
- Eng eenheetlech Linn am ganze Schoulsystem ("Modell Lëtzebuerg")
- Ouni de Secondaire resp. eng eenheetlech Linn vun EF an ES ass et schwéier, iwwerhaapt eng nei Denkweis ëmzesetzen → roude Fuedem am gesamte Schoulsystem
- Modell Lëtzebuerg mat engem roude Fuedem fir ons 3jähreg bis bei ons 20jähreg wou keen op der Streck bleift
- Net eng Schoul, mee verschidde Schoulen (Thema "Lokalitéit" & "Besoins vun de Kanner")
- Mir brauchen méi Schoulen, méi Plan d'études, méi Visiounen. All Kand ass verschidden an et mussen verschidde Weeër ginn. Et muss och gekuckt ginn, wat all Kand gutt kann. Et brauch ee lëtzebuergeschen System
- Net eng Schoul, déi gëtt et net, mee lauter verschidden Schoulen mat verschiddenen Modeller datt all Kand seng Plaz fënnt
- Déi Approche och bei de Kanner uwennen : wann een eben net sou gutt ass am FR mee gutt an passionéiert an der Musek dann d'Kand eben méi Musek entwéckelen loossen an esou orientéieren

(natierlech och Minimum Kenntnisser am FR); individuel Learning Paths ginn jo mat der KI méiglech, elo schonn driwwer nodenken soss kënnen mir et net gestalten wéi et fir ons Gesellschaft am Beschten ass

- Verschidde Gemengen hu verschidden Uspréch un d'Kanner rsp. un de Plan d'études (Thema "Lokalitéit")
- Vum Generalist méi bei de Spezialist
- D'Enseignanten och méi no hire Kompetenzen asetzen: d'Leit déi Fächer ënnerriichte loossen, an deenen si sech besonnesch kompetent fillen
- Méi Ënnerstëtzung vum a fir d'Schoulpersonal
- D'Schoulpersonal dierf net eleng gelooss ginn → wat ee méi oppe well schaffen, wat ee méi Kader misst virginn
- E Resumé vum Plan d'études wier eng Méiglechkeet, wann een et net méi esou um Schierm huet
- De MENJE misst den Enseignanten de Réck géigeniwwer den Eltere stäipen, dat misst vill méi kommunizéiert ginn – leider ënnerläit d'Educatioun der Politik
- Den "Image" vu verschiddene Saachen muss verbessert ginn resp. verschidde Saachen mol aus de Käpp erauskommen
- Qualifikatioun wichteg
- Aarbechtsmaart huet aktuell schonn e Mangel u qualifizéierten Aarbechtskräften a brauch och qualifizéierten Aarbechtskräften
- Méi Ressourcen/Moyene
- Moyens feelen fir d'Kanner do ofzehuelen, wou si sinn
- De Faktor Zäit spillt eng grouss Roll
- D'Zoustännegkeeten musse gekläert ginn, staatlech oder Gemeng, dëst z.B beim techneschen Equipement dat zur Verfügung gestallt gëtt....wëll dëst ass och relevant fir d'Ongerechtegkeeten ze verklengeren
- Wéi gëtt den Echec gehändelt? Wéi flexibel soll de System gemaach ginn? Wou ass déi Plaz fir déi Kanner an déi Bierger, déi dëse System net packen
- Cycledenken muss méi um Terrain ukommen
- Cycle 1 denkt méi am Cycle ewéi villäicht déi Cyclen dono
- De Cycle 1 ass ze large
- D'Ufuerderunge musse kloer sinn / ginn
- Klären: Ass kloer fir de Cycle 1, wat de Cycle 2, 3 a 4 fir Ufuederungen huet? Wéi ass do d'Kommunikatioun?
- Dass net gewosst ass, wat erwaart gëtt, geschitt awer och vu Cycle zu Cycle. Oft gëtt esouguer iwwer den Erwaardunge geschafft oder probéiert, ze schaffen
- Am Fondamental gëtt et oft d'Fuerderung, fir d'Kanner op de Lycée virzebereeden. Och d'Lycéeën sinn verschidden an dofir ass et virun allem am Cycle 4 schwéier, fir d'Kanner och tatsächlech dorobber virzebereeden
- D'Ufuerderungen dierfen net ze héich sinn
- Den Drock am Cycle 4 ass extrem grouss. Engersäits gëtt e vun den Elteren (d'Schoulpersonal muss sech virun den Elteren rechtfäerdegen) opgebaut, awer och vun den Enseignantë. D'Erwaardungen vum Lycée sinn net kloer. Heiansdo ginn dann Saachen areecht, déi schonn iwwer deem leien, wat de Secondaire op 7e well / brauch. Hei muss eng besser Kommunikatioun stattfannen
- De Précoce muss och mat beduecht ginn

- Feelend Bereetschaft a Kompetenzen fir transversaalt Schaffen
- Kann genuch Schoulpersonal reng ausbildungstechnesch iwwerhaapt esou einfach transversal schaffen? Wéi vill Ressourcen a Formatiounen brauch et, fir méiglechst all d'Schoulpersonal dohinner ze bréngen?
- Wëll d'Schoulpersonal dat iwwerhaapt oder ass de Profil vum Schoulpersonal fir d'Zukunft z'iwwerdenken, wann méi Transversalitéit de grondsätzleche Wonsch vum Terrain ass?
- De Profil vum Schoulpersonal ass ze iwwerdenken
- Ass genuch Schoulpersonal wierklech bereet, fir transversal ze schaffen?
- Ze vill Enseignanten sinn net gemaach fir de Beruff, och a punkto "Bezéiung zum Kand opbauen". Mir brauche Leit, déi ëmsetze kënnen, wat gefuerdert ass. De Profil vum Schoulpersonal ass eng "Baustell"
- All d'Schoulpersonal muss richteg an de System integréiert ginn
- Esou vill extra Personal hunn mer déi just niewelaanscht dem System lafen, déi missten richteg integréiert ginn mat hirem Plang an hirer Schoul
- De Plan d'études vun 2009 ass nach net genuch um Terrain ukomm
- Am Kapp vum Schoulpersonal ass de neie Plan d'études an de neie System och nach ëmmer net ukomm. Do bréngt och ee neie Plan d'études net vill
- Ee vun de Problemer: De Plan d'études ass nach a ville Käpp net ukomm, mee et gëtt nach ze vill sech um Buch festgehalen. Net esou den Plan d'études selwer baut den Drock op, mee d'Buch.
- Et däerfe net ze vill Ännerunge gläichzäiteg kommen. (Villes ass scho gutt, wat am aktuelle Plan d'études steet, et misst just endlech ëmgesat ginn.)
- Et misst vill Zäit an Energie an d'"Opklärungsaarbecht" investéiert ginn
- intensiv an offensiv Kommunikatioun; och vu Säiten vun de politesche Verantwortlechen
- Ënnerstëtzungsangeboter fir d'Enseignanten
- Enseignanten stäerken an och als "Bildungs-Experten" eescht huelen
- Feelend Ressourcen behënneren d'Ëmsetzung
- Mee och di feelend Ressourcen an d'Iwwerlaaschtung féieren dozou, dass vill Saachen net ëmgesat kënne ginn
- Méi fächeriwwergräifend Projete
- Vill méi mat Projete schaffen, wou ee fächeriwwergräifend all déi eenzel Kompetenzen kann abréngen (d'Sproochen, d'Mathe an awer och all déi aner Fächer, déi do genau sou eng grouss Roll spille kéinten)
- 4-K-Modell (Kommunikatioun, Kritescht Denken, Kollaboratioun, Kreativitéit) → 21. Jorhonnert Skills → Dat Ganzt gëtt et zwar, mee et huet nach net genuch Poids (mir sinn net méi am Industriezäitalter)
- D'Schüler brauchen Kreativitéit, well eis Gesellschaft sech ëmmer méi schnell entwéckelt, fir sech Saache kënne virzestellen a sech di zukënfteg Gesellschaft kënne virzestellen. Kreativitéit fërdert och d'Problemlösefäegkeeten
- Kreativitéit & Imaginatioun förderen: Liesen an domadder d'Sprooch spillen eng wichteg Roll; Fërderung duerch Musek & Konscht
- Déi emotional Intelligenz sollt méi consideréiert an developpéiert ginn. Selbstwahrnehmung, Stressbewältegung, seng eegen Emotiounen verstoen an ausdrécke léieren, Impulskontroll léieren, Eegestännegkeet, Verantwortung fir säin Léieren iwwerhuelen a.v.m. sollten an der Schoul ënnerriicht ginn
- Selbstwierksamkeet an d'Gefill vun sech abréngen fir d'Kanner wichteg
- Et motivéiert een ze gesinn, wat ee gutt kann

- Computerdenken, Digitalitéit, et feelt un digitale Kompetenzen
- Et gëtt sech op Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch fixéiert, mee net wierklech op déi vill aner Mammesproochen, déi d'Kanner matbréngen (Gebäerdesprooch net vergiessen)
- Kéinten et Stonne ginn, an deenen verschidde Sproochen gläichzäiteg bäibruecht ginn? (Eveil aux langues asw.)
- Wéi wichteg sinn d'Sproochen tatsächlech nach?
- Léieren liewen: Fir verschidde Kanner brauch et méi een Basic Niveau → fir generell am Liewen eens ze ginn an sech zerechtzefannen
- Inklusioun & Differenzéierung
- D'Schüler léieren op verschidden Aart a Weisen
- Net all Kand kann de "klasseschen" Werdegang goen
- Mir sinn nach wäit ewech vun enger "Schoul fir all d'Kanner"
- D'Kanner aus der Logo ginn net genuch opgefaangen ab engem gewëssenen Alter
- Richteg INKLUSIOUN, net just ee Wuert, wou jidderengem d'Hänn gebonnen sinn
- E Kand gehéiert net zu enger Klass oder enger Schoul, wann et just bäigepraft gëtt a niewelaanscht funktionéiert a sengem eegenen Programm
- Do wier et besser et wier an senger Schoul mat senge Kanner, déi op sengem Niveau sinn
- Et muss och un d'Primo-arrivant'en geduecht ginn: Muss wierklech all Kand, wat z.B. am C3 op Lëtzebuerg kënnt Däitsch a Franséisch gläichzäiteg innerhalb vu kuerzer Zäit léieren? Wier et net méi sënnvoll sech do mol wärend puer Joer op déi Sprooch ze konzentréieren, déi am noosten un der Mammesprooch läit?
- Am Cycle 1 hunn d'Kanner net di selwecht Basis, se si ganz verschidden. Et ginn Ufuerderungen, wat si am Cycle 2 misste kënnen
- D'Kommunikatioun mat & d'Abanne vun den Elteren
- Kommunikatioun mat den Elteren wichteg
- Transparenz an Éierlechkeet mat den Elteren wichteg. Verschidden Elteren interesséieren sech vill fir de Plan d'études a maachen dann éischter Drock a ginn net ëmmer mat op de Wee (wëllen villäicht nach méi), anerer huelen alles un an interesséieren sech och net esou vill dofir. D'Erwaardungen vun den Elteren sinn och kulturell bedéngt a verschidden. D'Elteren mussen méi mat an d'Boot geholl ginn
- Wann méi fächeriwwergräifend geschafft gëtt, gëtt et méi schwéier fir d'Elteren, dat nozevollzéien. Dat betrëfft och de Bilan an de System "ouni Punkten"
- D'Elteren mussen sech net esou wäit mat der Thematik befaassen wéi d'Schoulpersonal
- Manner Tester / Épreuven → dann hätt ee méi Zäit fir ze léieren
- De Schluss vum Cycle 4 schaaft immens vill Drock wéinst den Épreuves standardisées. Iwwer d'Berechtegung vun den Épreuven muss nogeduecht ginn. Wann dës bestoe bleiwen, mussen d'Kanner och iergendwéi dorobber virbereet ginn
- Et kritt een d'Resultater eréischt am Mäerz an d'Publikatioun vun de Resultater féiert éischter dozou, dass d'Cyclen vum Cycle virdrun méi fuerderen

## 6. Fotogalerie

D'Fotogalerie ëmfaasst nëmmen déi Inhalter, déi den 1. Februar en présentiel am Forum Geesseknäppchen beschwat goufen. D'Participantë vum Online-CoLab hu mat engem Word-Dokument geschafft.

### Atelier A – D'Idealschoul aus der Perspektiv vum Schoulpersonal




Sécherheet
"Ambulanz" pro Schoul
Zielorientéiert Entwécklung vum Schüler
Zäit fir Léiere léieren
méi (och) aus dem Klassesall raus...
Bewegung fächeriwwergräifend
e Fach „SAVOIR-VIVRE"
manner Fichen a méi praktesch, konkret Übungen
4 K
Sozialkompetenzen
Mir brauche méi Allgemengbildung a Fach/Sach-wëssen!
inter- an intrapersonell Kompetenze bei den Enseignanten a bei de Kanner
Iwwerdenken vun Orientatioun + Evaluatioun
- op d'Kand zentréiert
- par rapport zu sech selwer
Eng ugepasste Grondausbildung.
Achtsamkeet
Projetgebonnen + zilbriechtéiert am Team
TEAM MAT ENNERSCHIDDLECHE KOMPETENZEN
Start-up
méi, besser kennen an orientéieren...
Stärkten virum Schwächten
gutt / pos. Kommunikatioun mat Elteren
en Educateur an der Klass



de roude Fuedem
"Ambulanz" pro Schoul
Sécherheet
Zäit fir Léiere léieren
"Rou"-Plaze fir dauerbeschallte Kanner
Bewegung fächeriwwergräifend
Sozialkompetenzen
Keng Ideologien an der Schoul!
manner Fichen a méi praktesch, konkret Übungen
4 K
Achtsamkeet
Tafel
STEAM
méi Bewegung
Méi Bewegung "Bewegte Schule"
Bewegung / Sport
EF
e Fach "Savoir-vivre"
Eng ugepasste Grondausbildung
Start-up
gutt / pos. Kommunikatioun mat Elteren
en Educateur an der Klass
wéi fit sin ech??

## Atelier B – D’Idealschoul aus der Perspektiv vum Kand




mehr in Bildung investieren statt in Bauprojekte um Personal zu gewinnen
Rechnen Grondkompetenz
Vitesse vun eiser Welt
familiär Situatioun
Resilienz-fähegkeet
virtuel Welten ≠ reale Welten
Homogenitéit ≠ Heterogenitéit
Uniformitéit
Wat droen d'Kanner mat sech nom Cours? Léieren fir ze vergiessen?
Schulsystem von 1900 trotz neuem Lernplan
notwendige Vorläuferfertigkeiten
untersch. Stellenwert von Bildung in den einzelnen Kulturen erschwert Bildungsweg
Frontalunterricht, still sitzen, ruhig sein

## Atelier C – D'Idealschoul aus der Perspektiv vun der Gesellschaft




Fachkompetenz (verschidde Beräicher)
fachlesch
Zesummenhalt, an de Beräicher Kultur, Identitéit, an Toleranz
Sech an der Welt vun den TIC auskennen
sech an der Aarbechtswelt zurechtfannen
Spezialiséieren
Rentabel
Employability
Multi-task
kritesch Denken
Kapitalismus weider féieren
interaktiv
team-fäheg sinn
Konflikter kënnen aushalen
Teamwork
Kritikfäheg Denken
Eegeninitiativ


Mehrsprochigkeit
Liesen a Schreiwe kënnen
Mediekompetenz
Kritescht Denken
kreativ Sinn
logesch Denken
Mathematik
flexibel
Selbsteinschätzung
Problemer erkennen a léise kënnen


Kooperatioun
Team fäegkeet
Sozialkompetenzen


Toleranz
Empathie
positives Selbstwertgefill
Respekt viru Matmënschen an Ëmwelt
Akzeptanz
"Wäerter" respektéieren
reflexiv
Selbstbewosstheet
Strukturéiert
Verantwortung iwwerhuele kënnen
Gewëssenhaftegkeet
Liewensfreed
Offenheet


Outiltrennen
Theorie
-verständlech
-didaktesch/methodeschen
Nudging
-Best Practice vermëttelen
-anschaulech (och fir Elteren)
-Materialie parallel opbauen
-Lien mat ausserschoulescher
Wéi kréie mer 75 oder 80 % vun den Enseignanten mat "an d'Boot"?
- verpflichtend Fortbildungen
- personne ressource (genre IDS etc)
- Leitfaden (op Pobeier)
- schoulintern Diskussioun + Planung (PDS?)
→ kloer Struktur, kloer Sprooch
→ breet Diskussioun
→ et muss een erklären, wat wéi gemengt a wéi geduecht ass; begrënnen, firwat dat eent am P.E. steet an dat anert net
→ d'Wichtegkeet vum P.E. muss all Acteur kloer (gemaach) ginn
→ Personnes ressources / multiplicat.
-didacteschen Material fir den Plan d'études kennen emzesetzen
- Formatioun fir déi schoulesch Iwwergäng besser ze verstoen an Decisiounsfäheg ze sin am Cycle 4
- Kontinuéierlech Struktur fir dass all Kand senge Fähegkeeten no, [redacted] verschidden Zukunftsperspektiven huet
- E theoretesche Kader deen tatsächlech emsetzen kann
- Einfacher Themen orientéiert
- Méi iwwersichtlech
- D'Schoulgemeinschaft soll sech zesummen de Plan d'études
-gutt forméiert Léierpersonal
- un de reelle Schoulalldag ugepasst


Outiltrennen
-Theorie
-verständlech
-didaktesch/methodeschen
Nudging
-Best Practice vermëttelen
-anschaulech (och fir Elteren)
-Materialie parallel opbauen
-Lien mat ausserschoulecher
duerstellen
Wéi kréie mer 75 oder 80 % vun den Enseignanten mat "an d'Boot"?


- verpflichtend Fortbildungen
- personne resource (genre IDS etc)
- Leitfaden (op Pobaier)
- schoulintern Diskussioun + Planung (PDS?)


"an d'Boot
→ kloer Struktur, kloer Sprooch
→ breet Diskussioun
→ et muss een erklären, wat wéi gemengt a wéi geduecht ass; begrënnen, firwat dat eent am P.E. steet an dat anert net
→ d'Wichtegkeet vum P.E. muss all Acteur kloer (gemaach) ginn
→ Personnes ressources/multiplicat.


-didactescht Material fir den Plan d'études kennen emzesetzen
- Formatioun fir déi schoulesch Iwwergäng besser ze verstoen an Decisiounsfäheg ze sin am Cycle 4
- Kontinueierlech Struktur fir dass all Kand senge Fähegkeeten no, [redacted] verschidden Zukunftsperspektiven huet
- E theoretesche Kader deen tatsächlech emsetzen kann


– Eisehter Themen orientéiert
– Méi iwwersiichtlech = manner kompakt
– D'Schoulgemeinschaft soll sech zesummen de Plan d'études ukucken a méi gemeinsam Prioritéite sëtzen.


Systemebene: PE mit Richtlinie, Werten, ...
Mesoebene:
Fortbildungen
Mikroebene:
-gutt
Léierperson
de


-gutt forméiert
Léierpersonal
– un de reelle Schoulalldag
ugepasst

# Atelier D – D'Idealschoul aus der Perspektiv vun der Legislatioun







(2) D'Visioun vum Gesetz
vs.
D'Visioun vum Plan d'études
D'OBJEKTIVER
D'MISSIOUNEN
Art. 3-6
VERTRAUEN A SECH
ROLL VUN DER FAMILL
Lieweslaang Léieren
FREED UM LÉIEREN
ENTFALUNG & SELBST-VERWIRKLECHUNG
CHANCËGLÄICHHEET
ALLGEMENG BILDUNG
GLAWENS-FRAIHEET
BIERGER SINN
KREATIVITÉIT
DEMOKRATIE WAERTER GLÄICHHEET
MENSCHERECHTER
BILDUNGS-SPROOCHEN L, D, FR
LOI DU 6 fév. 2009 relative à l'OBLIGATION SCOLAIRE


(3) De Wee an déi praktesch Ëmsetzung
(3) Wat sinn d'Stolpersténg um Wee fir dës Visiounen (Gesetz + Äre Brainstorming vu Fro 1) an der Realitéit ëmzesetzen?
NGENS-BEDÉNGUNGEN
Zertifikat
ENG VISIOUN
Evaluatioun
Wat ass e gudde Schüler?
DEM EENZELNEN SAI WEE A SAI
KOMPASS
Zoustand Kand
1 Enseignant
Ressourcen-orientéierung
STOLPERSTENG


GESETZ
VISIOUN
Legamaster
ENG VISIOUN
verkorkste Virstellung vum Kand
d'Kand kënnt mat sou vill Potenzial
Respekt vis-a-vis vum Kand
Fräiheet ginn
vollt Vertrauen ass do
Kanner geet et ëmmer méi schlecht!
Zoustand Kand
Organisatioun Beruff & Famill
Versteesdemech fir d'Kand
Evaluatioun <-> Wat ass e gudde Schüler?
-> Subjektive Jugement
Kritèren transparent man!!
-> Entwécklungsrapport deen gräifbar ass!
DEM EENZELNEN SÄI WEE A SÄI
KOMPASS
Tâche
optrag
Selstständegkeet
1 Enseignant
Ressourcen!
orientéierung
STOLPERSTENG
Legamaster



SCRIPT

- Beobachtung ass extrem wichteg ↗ muss nach vill méi gemaach ginn
  → och fir Léier- & Persönlichkeitstypen ze erkennen
  → „wat" beobachten? Muss festgehale sinn
- 4 Käerkompetenzen wichteg (Kreativitéit, Kommunikatioun, kritisches Denken
- → Freed um Léieren wichteg + ze wëssen, wat ee kann a wat ee gär mëscht
  ↳ ganz wichteg, wann déi Beruffer ewechfalen, op déi mir si elo virbereeden
- kritescht Denken ass extrem wichteg
  (fir esou vill aktuell Erausfuederungen, virun allem och mat de Medien
  → + eegestännegt Denken
- den Ausgang vu sech selwer ass extrem wichteg
- Mir mussen méi Versteesdemech fir d'Kanner hunn
- Ëffentlech Schoul vs. Privatschoul
  → Ufuederungen verschidden

www.script.lu

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse



SCRIPT

- am Fong soe mir dat, wat an A, B an C diskutéiert gëtt
- Kloer maachen, dass et Stéchwierder sinn mat Schlesselkompetenzen an si net hei e Gesetz schreiwe mussen
- Guide mam „Wéi" et gemaach gëtt
- Toleranz + Akzeptanz ⊖ Rassismus, ...
- Kieper abezéien → Suchtpräventioun
- de Kanner geet et Joer fir Joer méi schlecht an et kommen ëmmer méi Erausfuederungen (z. B. Ëmwelt)
- mir wellen d'Kanner op eis Gesellschaft virbereeden a fannen awer gläichzäiteg, dass d'Gesellschaft net gutt ass
- Evaluatioun an Hinsicht vun der Entwécklung → wéi entwéckelt sech d'Kand? Et muss awer gräifbar bleiwen fir den Enseignant
- Evaluation muss Kritären hunn fir méiglechst objektiv ~~ze~~ sinn → wéi maache mir dat? An: dann sinn mir schonn erëm an der Bewäertung

www.script.lu

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse



- et feelen Ressourcen fir op d'Kanner (an all hire Diversitéit) esou anzegoen, wéi mir et wëllen
- et missten mindestens 2 Leit pro Klass sinn oder keng typesch Klassen méi
  → de Profil an d'Ufuederungen un den Enseignant an d'Educatioun hunn sech verännert
  ↳ viru allem C1 an C2 fir d'Basis resp. d'Fundament vum Kand ze leeën
  → et kann een engersäits net genuch op déi schwaach agoen, awer anerersäits och net genuch op déi Staark
- Evaluatioun an der Equipe fir net ze subjektiv ze sinn
- et muss een als Mënsch wëssen, wat seng Ressource sinn → do muss een awer iergendwou Kritere ginn (klappt dat och fir d'Orientéierung vun anere Kanner?)
- mir hunn verschidde Lerntypen, deenen d'Schoul muss gerecht ginn (+ och verschidde Persönlechkeetstypen, déi ee verschidden handhabe muss
  → Träumer vs. Logiker
  ↳ Kader setzen



- Lernort - Wat si léieren net wichteg ass.
  ↳ We et soll gema ginn - Guide
  ↳ Zertifizéierprobl.

Prozess - De Wee
Evaluatiounsmomenter | Portfolio | Aschätzung
Emaselt. ↳ DROOK | wat si meng stäerkten
3D - Ubannung un d'Realiteit
  ↳ Argumenter mat op de Wee ginn
    ↳ Basiskompetenzen
  ↳ Argumenter feelen
  ↳ Denkmuster
  - Zwëschemënschl.
- Ressourcen
- Risiko - Fraiheet - bäibrengen - Verantwortung ginn.
- Gedeelten Aarbecht.
  ↳ Team
    ↳ Teamaarbecht als Kär | Schoul = Profil ↓ wéi wëlle mer dëi ersetzen

# 7. Ausbléck

Wann Dir Froen oder Ureegungen hutt, kontaktéiert eis via **www.curriculum.lu** oder schéckt eis eng E-Mail op **curriculum@script.lu**.

Mir freeën eis iwwer Ären Interessi un dësem spannende Prozess a sinn houfreg dorobber, dëse Wee weiderhin mat Iech zesummen ze goen.

Mat beschte Gréiss
D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT

Curriculum
Division SCRIPT

www.curriculum.lu

www.script.lu